Newsletter | N° 1
2017

Kierch am Duerf
Gemeng Useldeng asbl

INFO-KAD:
Email: info@kad.lu
Tel: 23 63 97 18
(Lou Anzia-Ney)

Eisen Temoignage zum Ufank

Bonjour léif Memberen a Frënn. Kennt Dir eng Bank déi Iech all Dag Zënse schenkt? Jo, et gëtt se: eis Liewensbank schenkt äis all Dag 1440 Minutten, déi mer mussen ausginn, entweder fir äis ze bematleeden an eise Frust un aneren auszeloossen oder fir se ze investéieren a positiv Elementer: gutt Laun, méi Récksiicht vis a vis vun Elteren, Partner, Kanner, Aarbechtskollegen, Noperen asw., méi Léift fir déi vum Liewe Benodeelegt, méi Respekt fir Matmënschen mat anerer Glawens-Gesënnung, méi Minutten fir eisen eegenen deegleche Kontakt mat Gott, d.h. méi Zënse fir äis selwer a méi Freed fir eisen Alldag. Fir et nom aktuelle politesche Sproochegebrauch ze formuléieren, di mir Chrëschte gutt drun," anti-post-faktesch" ze liewen, elo an an der Wierklechkeet vun deem, wat ronderëm äis geschitt, lassgeléist vun allem „Ge-Twitters" ouni Sënn a Buedem.

Mäi reelle Kontakt mat Gott am Gebiet mam Ruff: „Herrgott, ech soen Dir Merci" oder „Herrgott, hëllef mir", a ville gegléckten oder mëssgléckte Situatioune vum Alldag, erfëlle meng 1440 Minutten mat enger Wäermt a mat engem Feier, dat vu soss néierens ka kommen. Ech muss mech just ëmmer erëm nei beréiere loossen a mengem opriichtege Glawen drun, dass Gott mech a kenger Situatioun esou déif fale léisst, dass ech net erëm kann opstoen, a mat him weidergoen, mat der Hëllef vum Hl. Geescht a ville Mënschen, déi bereet sinn, mir eng Hand ze reechen, wann ech net ze stolz sinn, Hëllef unzehuelen. Bieden heescht: Gott beréieren. Bieden deet gutt.

L.N.

D'Ausstellung „PRAY" kënnt op Useldeng an d'Kierch vum 8-12. Mäerz 2017

Eng exzellent Ausstellung zum Thema Relioun a Gebiet
vum Fotograf Christian SIRSCH an Zesummenaarbecht mat
der Erwuessenebildung.

Op 40 groussaartege Schwaarzwäissfotoen weist si Momentopnamen vu Gebiet a Meditatioun a 15 verschiddene reliéise Gemeinschaften, déi an eisem Land aktiv sinn. De Vernissage ass Mëttwochs den 8. Mäerz um 19.30 Auer an der Kierch zu Useldeng. D'Entrée ass fräi.

Dës Haapt-Ausstellung ass begleet vun enger Zweeter, org. vun der Erwuessebildung, mat Bichermaterial iwwer „d'KOMMIOUN**“,** an der Virbereedung op d'Éischt Hl.Kommioun vun eise Kanner. Dir fannt hei Bicher fir Kanner an Erwuessener zum Thema Kommioun, awer och Gebiet, Glawen a Relioun allgemeng, mat der Méiglechkeet, op der Plaz Bicher ze bestellen.

Verpasst net dës eemoleg Geleeënheet, eleng oder zesumme mat Äre Kanner resp. Enkelkanner dës Ausstellunge kucken ze kommen an Iech als Betruechter op déi individuell Bedeitung vu Gebiet a Relioun anzeloossen. D'Ausstellung ass op vum 8-12 Mäerz, vu 14-18 Auer / Moies op Rendez-vous. INFO: am Ufank vum Blat.

Poterstonn zu Réiden am Altersheem

Léif Frënn, zesumme si mir ënnerwee. Zu eiser Mëtt gehéieren e.a. och d'Senioren aus eiser Gemeng am Home St**.** François zu Réiden. Mir wëlle si begéinen bei eiser éischter **„**POTERSTONN**“,** Donneschdes, den 23. Februar, vun 15.00-16:30 Auer. Jiddereen ass invitéiert, matzegoen op dëse klenge Rendez-vous. Ween interesséiert ass, an dëser Equipe derbäi ze sinn, ka sech mëllen: **I**NFO-Adresse: ëmmer uewen um Blat.

Barmhäerzegkeets-Fest zu Useldeng

Samschdes den 22. Abrëll 2017 vu 14:00 – 18:00 Auer
am Centre Culturel zu Useldeng

Am Joer 2000 huet d'Kathoulesch Kierch de Sonndeg vu Wäissen Ouschterdag zum Fest vun der Gt. Barmhäerzegkeet deklaréiert. Eisen Här Äerzbëschof rifft eis Communautéiten op, vun 2017 un, eemol am Joer „d'Journée des Pauvres" ze gestalten. An dësem Sënn organiséiere mir eist 1. Barmhäerzegkeets-Fest mat:

Groussem Bichermaart – Kannerfloumaart - Kaffisstuff - Sammelaktiounen

- fir Medikamenter, Brëller, Timberen a-Plastikstëpp. Den Erléis ass fir de KONGO-Projet vum Här Paschtouer Janssen „Un Jardin pour Tous" an aner sozial Wierker
- eis Bicherstrooss (Don vum Useldenger Senioreforum – Villmols Merci)
- D'Sammelaktioun fir Medikamenter, Brëller, Timberen a Stëpp ass um Fest selwer.
- Kannerfloumaart: d'Kanner verkafen Spillsaachen op eegene Profit a däerfen dovun fräiwëlleg en Deel spenden.
- Hausmaacher Dessert a Kuch kënnen eis Memberen gären fir d'Kaffisstuff ofginn. Umellen bei INFO-KAD, oder beim Anni Linster.

Eis nei Par !

Een neie **PARZIEDEL** eng nei Catechèse, een neie Fong: Als Katholike wuesse mir zesummen an een neit Fréijoer. Et gëtt vun elo un nach just ee Parziedel fir déi ganz nei Par. Huelt Iech deen wéi bis elo gratis an eise Kierchen oder bestellt en am Parsekretariat zu Osper:

Tel: 23 62 10 53 oder och per EMail: ospern@cathol.lu

MASSEN oder soss Uleies fir op de Parziedel: fir eis Gemeng ass d'Anni Linster vun Useldeng zoustänneg:

Tel: 23 63 91 34 oder och per EMail: anni.linster@gmail.com

KOMMIOUN A FIRMUNG: den Opbau vun der neier Catéchèse ass am Rullen. Am Hierscht wäerte mir all wëssen, wéi et mat der Kommioun a Firmvirbereedung an der neier Par virugeet. Bis dohin. Gedold a Gebiet fir déi kierchlech Mataarbechter am Déngscht vun der Verkënnegung. Eise waarme Merci un si all.

DAFGESPRÉICH respektiv KRANKEBESUCH an eiser Gemeng beim Paschtouer Mathieu JANSSEN ufroen. Seng Permanence am Härenhaus zu Useldeng ass ëmmer Mëttwochs, vun 14.00–16.30 Auer. (Tel: 23 63 00 30)

STIERFFALL: nëmme fir Urgencen de Privattel. Paschtouer gebrauchen: (0032 63 24 28 70) vu 7-8 / 22-23 Auer

resp. Tel:Parsekretariat OSPER 23 62 10 53. resp.MAIL ospern@cathol.lu

Generalversammlung vun der „Kierch am Duerf – Gemeng Useldeng asbl“

Donneschdes den 23. Mäerz 2017 um 20:00 Auer an der Buvette vun der Useldenger Schoul.

Léif Gréiss un eis Memberen vum Éischte Joer. Nei Membere si gäre wëllkomm! Kotisatioun 10 €. Mëllt Iech w.e.g.: info@kad.lu

Kontonummer CCRA LU14 0099 7800 0053 7126
Kierch am Duerf – Gemeng Useldeng asbl

Eis NEWSLETTER gët an Zukunft regelmässeg un eis Membere verschéckt. Am Sënn vun der Ëmwelt kënnt Dir äis heifir Är Email-Adresse matdeelen. Anerefalls kritt Dir eis Post an Är Bréifboîte.

All eis Haptinfoen kënnt Dir an Zukunft och op eisem Internet-Site www.kad.lu noliesen. Wann Dir selwer Sënnvolles un eis Communautéit iwwer dëse Wee wëllt vermëttelen, da mëllt Iech w.e.gl. op eiser EMAIL-Adresse info@kad.lu

Service de la Pastorale spécialisée – Eglise Catholique à Luxembourg

Niewt den Haptamtlechen sinn och heiteg an zoukënfteg bénévol Matarbéchter(Innen) an der Kranken- an Alterspastoral op Gespréichs-an Austauschdëscher invitéiert fir zesummen nei Perspektiven ze entwéckelen. Info: Jutta Förtsch/ Tél: 46 20 23-97 (Datum: 29.an 30. Mäerz)

Wann Dir Äer Fräizäit wëllt sënnvoll an éierenamtlech wertvoll gestalten an interesséiert sidd an eiser Equipe vun der Kranken-an Alterspastoral heiheem an an der neier Par matzeschaffen an duerzou Froen hutt, da kënnt Dir Iech mëllen beim Lou Anzia-Ney Tel: 23 63 97 18.

Eng kleng Hoffnung zum Schluss.

„Wer ohne Hoffnung lebt, tanzt ohne Musik“

Bis dann, all Guddes!